Brouennes

Och dëst Joer ware mir op Brouennes a Frankräich gefuer fir d´Joer ausklengen ze loossen. Et waren zwielef Membere vum Flyfishing Club déi sech op de Wee gemaach hate fir eng leschte Kéier am Joer zesumme mat der Méck ze fëschen. Éiert et konnt lass goe war eemol veräiste Fënstere propper maachen ugesot an dunn war ganz virsiichtegt Fueren ugesot ewell déi meeschtens kléng Niewestroosse fir op Brouennes natierlech net gesalzt waren. Wéi mir dunn ukomm waren hunn mir ee sichtlech iwwerraschte Gerant ugetraff dee mat Allem gerechent hat just eben net mat eis. Natierlech hate mir eis och fir dës Sortie schonn ee Joer am Viraus ugemellt ewell wei sos kéinte mir ee Programm veröffentleche wann Dësen nëmmen improviséiert wär, mee d´Umeldung war awer net bis bei de Gerant, den Här Willy Lion, duerchgaangen an esou huet Hien dunn fir säin Deel missen improviséiere wat Hien awer zum Gléck beschtens gemeeschtert huet well mat hongeregen an duuschterege Fëscher vun eisem Club ass net gutt Kiischten iessen.

Mir haten nawell gutt Wieder erwëscht ewell de ganzen Dag iwwer d´Sonn geschéint huet och wann et batter kal war an een äisege Wand geblosen huet. Am Ufank hunn mir eis och ee bësse schwéier

gedoe Fësch ze fänke mee dat sollt awer am Laf vum Dag ëmmer besser ginn. Fir d´éischt hunn se nëmme Fësch am Alaf gefaange wat och déi beschte Plaz op dësem Weier ass. Am Laf vum Moien hate mir dunn Abee mol dee richtegen Dréi eraus, Blop an allen méigleche Faarwen awer ganz lues iwwert de Fong tricotéiert war déi richteg Taktik bei dësem kale Wieder an nodeems dat d´Ronn gemeet hat hunn d´Fëscher och hir Fësch gefaange woubäi de Luca eise Junior an den Niclolas Jemp sech am Beschten drun ginn haten, hunn sinn dach déi meeschte Fësch fir den Ofschloss gefaangen. Och déi eng oder aner schéi Piisch war do dobäi an de Jemp (Hoffmann) hat och eng wonnerschéi Baachfrell gefaangen, mee och d´Reeboufrelle waren Alleguerten an top Form an hunn eis gudde Sport gebueden esou dass den Ofschloss och dëst Joer ganz geloongen war.

Trotz deem kale Wieder war d´Stëmmung formidabel a richteg waarm ëm d´Häerz ass et eis gi wei d´Iessen op den Dësch komm ass. Natierlech hate mir eis schonn ee bësse virdrun afonnt fir den

Aperitif ze huelen an dobäi huet de Patron vum Site, den Här Pirotte; eis Wëldpaté zerwéiert an de Sedat deen ee bësse méi spéit nokomm war hat eis selwer gereecherte Speck matbruecht dee mir natierlech och geschmaacht hunn. Als Mëttegiesse krute mir dunn Cordon bleu mat Fritten an Zalot opgedëscht a mir hunn eis et gutt schmaache gelooss. Natierlech ass iwwer Dësch vill gestëppelt a gelaacht ginn an hei huet eise Jeek och nach eng leschte Kéier fir dëst Joer dovunner profitéiert fir säi Gëft lass ze ginn an Hien hat nach esou munech Nidderträchtegkeet fir eis op Lager. Mee och den Erny, de Raym an natierlech de Carlo waren a beschter Stëmmung an esou sinn dunn nom Iessen als Dessert déi beschte Witzer opgedëscht ginn a mir hate vill ze laachen.

Nom Iessen huet den Här Pirotte eis vun enger neier Méiglechkeet verzielt déi Sie de Clubën ubidden, um Site selwer sinn nämlech fënnef Weieren a Sie hunn tëschent de leschten zwee Weieren een Ënnerstand opgeriicht mat engem gebaute Grill an Toiletten. Hei kënne Clubën wann se wëllen ongestéiert ee ganzen Dag fëschen. Heifir setzt Hien dem Club puer Deg éiert dësen untrëtt Forellen zu engem Forfait Präis aus a dann kann de Club dee ganzen Dag do verbrénge genee esou wei Sie dat wëllen, dat heescht entweder suergt ee selwer fir de Barbecue oder bestellt een Dëse bei Hinnen da bereede Sie d´Grillade zou. Dernieft kënnen d´Forellen déi gefaange ginn Alleguer matgeholl ginn, wann da Leit dobäi sinn déi dat esou wëlle maachen. Dernieft besteet d´Méiglechkeet an deem Deel vum Site och mat der Méck op de Kaarp oder op den Hiecht ze fëschen.

Nodeems mir dunn ausgibeg zu Mëtteg giess haten huet dunn dem Nicolas Jemp seng Stonn geschloen. Hien hat d´Fësch fonnt an huet schéin dobäi gemeet, ech hunn Hien nach ni gesinn esou vill Fësch fänken an natierlech huet et net laang gedauert an dunn stounge mir niewent Him an hunn gefuerscht mat wat a wei Hien géif fëschen. Hien huet dann och net laang hannert dem Bierg gehale mat senger Méck déi Hien gefëscht huet, mee esou een ellene rosaë Blop wei Hien gefëscht huet hat awer kee vun Eis dobäi, mee mir hunn dunn awer mat coral a sunburst Blopen och eis Fësch gefaangen, och wann awer keen dem Jemp konnt de Bass halen.

Jee eise Joresofschloss war ganz gelongen a mir kënnen op een ereegnisräicht Joer mat ville flotte Sortien zeréck kucken. Mir hunn heibäi vill Stonnen a beschter Ambiance beim Waasser erlieft a wollten d' Fësch och ee mol déi eng oder aner Kéier net esou wei mir eis dat geduecht haten, hunn mir eis dach Näischt draus gemeet a villméi d´Zesummesinn ënnert Fëscherkollege genoss. Dat ass och de Grond firwat mir eis ëmmer erëm op de Wee maache fir zesumme mat der Méck ze fëschen a wei, wann net duerch déi besonnesch Komerodschaft ënnert de Fëscher vun eisem Club, wier et ze

erklären dass mir eis Joer fir Joer erëm freeë wann et lass geet a mir kënnen zesummen ee puer schéi Stonne beim Waasser verbréngen. Elo bleift mir nëmmen nach allen Memberen ee besënnlecht Chrëschtdag an ee gudde Rutsch an dat neit Joer ze wënschen.